

ment la plus avantageuse" berücksichtegen, an datt do am Cahier des charges - dat hu mer extra festgehal an der Kommissioun - och ekologesch Critèrë kënnen a mussen agesat ginn, sou datt ech dovunner aus ginn, wann hei déi Ausschreiwungen no dem Marchés-publics-Gesetz, wat bis dohinner a Kraaft si wäert, oflafen, datt een da souwisou Ären Awänn, wat d'Baumaterial ugeet, Rechnung droe kann.

Et ass natierlech net gutt wann een ee Projet sou detailléiert oplëscht wéi deen heiten, well net iwwerall an all Projet kann ee liese wat fir eng Krunnen an d'Zëmmer kommen a wat fir eng Fënsteren, a wat fir ee Material dofir gebraucht gëtt. Do ass d'Perfektioun vläicht net dee beschte Ratgeber. Dat gesot, sinn ech natierlech awer och der Meenung, wa sech während der Bauphas iergendwellech nei Elementer kënnen erginn, wat d'Hëtzen ugeet, da soll een dat och nach eng Kéier nokucken, dat soll ee cas par cas préiwen. Heiansdo mécht d'Technologie an engem Zäitraum vun een, zwee Joer eng grouss Evolutioun, a wee weess, ob mer dann net och nach déi Wënsch erfëlle kënnen, fir domadder awer hei déi grouss Unanimitéit ze kréien, fir déi ech der Chamber merci soen.

M. le Président.- D'Mme Familljeminister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Här President, ech schwätze nom zweete Projet, well hei geet et jo méi ëm déi generell Politik vum drëtten Alter an all déi Froen. Duerfir waarden ech bis nom Projet vu Wolz, an dann äntweren ech.

M. le Président.- An der Rei. D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4868 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugehall.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet de loi of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes), Claude Wiseler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber);

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Emile Calmes), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Theo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Jean-Pierre Klein), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart, Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4869 iwwert de Bau vun engem Altersheim zu Wolz. Et sinn ageschriwwen déi Här Wohlfart, Calmes a Colombero.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nico Loes.

4. Projet de loi 4869 relatif à la construction d'un Centre intégré pour personnes âgées à Wiltz

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Gesetzesprojet 4869, dee mir haut hei diskutéieren an zur Ofstëmmung virleien hunn, grad wéi de Projet 4868, dee mäi Kolleg, den honorablen Här Strotz, virdrun hei diskutéiert huet, bedäerf och enger gewësser Ausféierung am Kontext vun der Alterspolitik hei am Land. Wann ee mat deem quasi selwechte Projet nach eng Kéier hannendru kënnt, da leeft een e bësse Gefor, Rediten ze maachen, mä ech mengen dass bei all Projet, dee mer an deem dote Kontext maachen, et awer och wichteg ass, fir eng Kéier op déi Problematik vum drëtten Alter anzegoen.

Eis Bevölkerung gëtt ëmmer méi al, wat duerch eng ganz Rëtsch vu Faktore bedingt ass. Zum engen huet de

Fortschrëtt an der Medizin an an der Hygiène een net onwesentleche Bäitrag zu dëser Entwécklung bäigedroen, well d'Liewenserwaardung substanzéiell an d'Luucht gaangen ass. Zum anere gouf et och säit 1945 kee Krich méi am westlechen Europa, wouriwwer ech frou sinn, a wat och dozou gefouert huet, datt d'Leit ëmmer méi al ginn.

Wat bréngt dës Entwécklung elo mat sech? Zum enge geet d'Zuel vun deenen eelere Matbierger ëmmer méi an d'Luucht. Nach virun engem Jorhonnert koumen op eng Persoun iwwer 75 Joer nach 36 Leit ënner zwanzeg Joer. Haut ass dës Proportioun op een Niveau vun 1:4 an d'Luucht gaang. Am Verglach zu 1989, wou d'Populatioun iwwer 60 Joer een Undeel vun 18% uitgemaach huet, hate mer am Joer 2000 een Taux vu 25% an d'Prospektioun fir d'Joer 2030 soen am viraus, datt een Drëttel vun eiser Bevëlkerung iwwer 60 Joer hu wäert.

Parallèll zu dëser Entwécklung kënnt et awer zu enger wuessender Vereinsamung vun eisen eelere Matbierger. 35% vun alle Stéit hunn nëmme méi eng Persoun. Dat mécht sech virun allem bei deenen eeleren Altersschichte bemierkbar. Hëlt ee beispillsweis déi Altersklass tëschent 65 a 70 Joer, dann huet ee 35% vun de Fraen an 11% vun de Männer déi eleng sinn. Tëscht 70 a 75 Joer sinn dat schonn 51% vun de Fraen an 13% vun de Männer. An an där Klass iwwer 75 Joer sinn dat net manner wéi 68% vun de Fraen a 26% vun de Männer. D'Wechfale vu soziale Kontakter féiert dann och nach zu Angschtzoustänn an Isolatioun. Dobäi kënnt, datt déi Leit an eng Ofhängegkeet komme kënnen, déi sech erschweiert, wann dee familiäre Réckhalt och net méi do ass. An an dëser Situatioun ass et opportuun fir dës Leit d'Méiglechkeet ze ginn, hiert Eegenheem opzeginn an een neit Heem ze bezéien.

Et kënnt derbäi, datt ëmmer manner Leit bereet oder gewëllt sinn, hir eeler Familljemembere bei sech opzehuelen, respektiv bei sech ze halen. Eis Bevëlkerung gëtt net nëmme méi al, mä bleift och méi laang gesond. Wann och d'Stéit mat méi wéi enger Persoun mam Alter ëmmer an ëmmer manner ginn, sou kann een awer feststellen, datt d'Generatiounen, déi sech ënnerene kennen, déi mateneen ënnert engem gemeinsamen Daach wunnen oder an därselwechter Localitéit, an d'Luucht ginn. 20% vun de Leit iwwer 60 Joer hunn nach hir Elteren an zugläich och schonn Enkelkanner. An et ass grad dës Altersklass, tëschent 60 a 75 Joer, am Jargon gëtt déi och Sandwichgeneratioun genannt, déi sech ëm d'Elteren an d'Enkelkanner këmmere muss.

Och wa 70% vun deene Leit iwwer 80 Joer e selbstänneg Liewe féiere kënnen, sou sinn awer 30% op Hëllef ugewisen, an och wann dës Leit méi laang gesond bleiwen, sou setzt d'Dépendance an d'Senilitéit awer och an, och wa se méi spët asetzt. An an dëser Problematik géng et awer eng Léisung ginn, wann een eis eeler

Matbierger éischter an eng Struktur fir ee langfristegen Openthalt géng ënnerbréngen, dat heescht an deenen heitegen Ufuerderungen ugepasste Centre-intégrées.

D'Regierung ass lo op de Wee gaangen, fir eng Bestandsopnam ze maache vun deenen haut zu Lëtzebuerg existéierende Strukturen, an aus hiren Iwwerleeungen eraus ass ee Programme national pour personnes âgées entstanen, dee sech an zwéi Voleten opspléckt. Zum enge ass et drëm gaangen, d'Méiglechkeet, fir d'Leit sou laang wéi méiglech doheem ze behalen, nach weider auszebauen. Et ass fir déi Leit och schwéier, den Ort ze verloossen, wou se zënter Joren a Jorzéngten hiert Liewe verbruecht hunn a mat deem se vill Erënnerungen, Emotiounen, Leed a Freed verbannen. Dat gewinntent Ëmfeld, d'Noperschaft, de gewinnenen Dagesoflaf, dat sinn alles Faktoren, déi de Leit den Départ an een Heem erschweieren. D'Servicer fir Hëllef a Fleeg doheem sinn duerfir an deene vergaangene Joren ausgebaut ginn a wäerten och an deenen nächste Joren nach weider ausgebaut an ënnerstëtzt ginn.

Deen anere Volet betrëfft dee vun deem mer haut schwätzen, dat heescht d'Verbesserung an den Ausbau vun den institutionelle Wunnstrukturen. An hei kann ech nëmme der Familljeministesche Marie-Josée Jacobs félicitéieren fir déi vill Aarbecht an déi gutt Initiativen, déi si an dësem Beräich scho gemaach huet an och an Zukunft nach viruféiere wäert. D'Demandé fir an esou eng Struktur eranzekomme sinn an d'Luucht gaangen. Dës läit zum enge, wat ech virdru gesot hunn, un der beschriwwener Alterung vun eise Matbierger. Vill Leit mussen am héijen Alter eng adequat Fleeg an Usprooch huelen, déi net méi duerch déi ambulante Servicer doheem gelescht gi kann. D'Erhéijung vun den Demanden ass awer och duerch d'Situatioun um Niveau vum Logement zréckzeféieren. Oftmools wunnen déi eeler Leit a groussen Haiser oder Wunnengen, déi se net méi alleng ënnerhale kënnen, well hir physisch Kapazitéiten un d'Limité stoussen.

Enn 2000 koume se am Etablissement public, deen eng zéng Centre-intégrée gëréiert, op eng 3.000 Demanden, wou der 300 als urgent an 100 als très urgent klasséiert waren. Wat de Profil vun deene potenzielle Clienten, fir se emol sou ze nennen, ubelaangt, sou sinn 28% op keng Hëllef ugewisen, 29% brauchen eng liicht Hëllef a Fleeg a 25% brauchen schonn eng substanzéiell Hëllef a Fleeg, fir den Alldag ze bewältegen an nach eng Kéier 18% brauchen eng Assistance 24/24 Stonnen.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wat fir eng Grondphilosophie läit engem CIPA, also engem Centre intégré pour personnes âgées, zu Gronn?

De Kolleg Nico Strotz hat virdru gesot, jiddferee géif dat wëssen, dofir wär et vläicht net méi derwäert fir drop anzegoen. Ech wollt dat awer bei deem heite Projet trotz allem eng Kéier maachen, fir dat och eng Kéier ze rappeliéieren.

Et gi Liewenskonditioune geschaf, déi op all eenzel Pensionnairen aginn, fir datt de Pensionnaire sou autonom wéi nëmme méiglech säin Alldag verbrénge kann. Eis eeler Matbierger wëllen haut hir Privatraim, wou si hire privaten Aktivitéiten nogoe kënnen a wou si Hëllef kënnen an Ussproch huelen, wa se se brauchen. Dat heescht, datt si sech net wëllen un ee rigiden institutionaliséierte Rhythmus gewinne wëllen. Déi Leit, déi d'Entscheidung getraff hunn, fir an ee Centre intégré wunnen ze goen, sinn nach ëmmer un hiert Liewen doheem gewinnt wou se sech nach a grouss Raim beweegt hunn. An engem Centre intégré soll dat lo och sou sinn. Et solle grouss Espacen dobausse souwéi dobanne geschaf ginn, déi net anengend op d'Pensionnairen awierken a wou se eng gewëss Selbständegkeet och entfale kënnen.

Déi verschidde Soinen, vu licht bis zu enger kompletter Prise en charge, sinn am Centre intégré integral ënnerbruecht. Dës Hëllef a Soinen sinn net no feste Graden an Normen etabléiert, mä si adaptéiere sech un deem eenzelne Pensionnaire. De Centre intégré ass a soll och keng Klinik si fir al Leit, mä et soll an éischter Linn ee Wunnraum sinn, fir d'Pensionnaire vu 65 bis an den héijen Alter opzehuelen. Déi sozial a kulturell Aspekter kommen och net ze kuerz. Eng Salle polyvalente fir musikalesch a kulturell Événementen gehéiere grad sou zum Inventaire vun engem Centre intégré, wéi Geschäfte a Begegnungsstätten, wou dee sozialen Austausch och stattfanne kann.

Wann een dëst alles zesummenhëlt, dann entsteet ee Konzept fir ee CIPA, dee folgend Eenzelkomponente mat aschleisst. Et ass eng Institutioun, déi zugläich Logement, Altersheim, Clinique gériatrique a Fleegeheim zesummen ass. D'Zëmmere sinn net méi wéi fréier 20 m² grouss, mä lo 30 respektiv 35 m², a si jee no hëllefbedürfteger oder handicapéierter Persoun équipéiert, an dat mat allen adequate sanitären Equipementen. Dat heescht am Klortext, datt d'Autonomie vun dësem Matbierger sou laang wéi méiglech erhalen gëtt. Deen oftmools nach haut existéierende Spidolsgeroch gëtt an dëser neier Konzeptioun verbannt, et ass keng Klinik méi fir al Leit, mä een Heem, wéi ech virdru gesot hunn, wou all Persoun iwwer 65 Joer, egal wéi valid oder invalid se ass, ënnerkomme kann an an enger Kommunitéit zesummeliewe kann.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Projet de loi 4869 ass den 20. November 2001 vun der Baute-ministesch, der Mme Erna Hennicot-Schoepges, deponéiert ginn. An der Réunioun vum 22. November 2001 gouf e vun der zoustänneger Bautekommissioun ënnersicht. De 17. Januar sinn d'Membere vun der Kommissioun mat enger zweeter Analys vum Projet a vum Avis vum Statsrot beoptraagt ginn, an den 31. Januar 2002 ass dunn och de schrëftleche Rapport ugeholl ginn. De Kolleg Alex Bodry huet virdru gesot, datt hei déi administrativ Aarbecht ganz séier virukommt, an ech géif

mer wënschen, dass déi Kommissiounen, déi sech heiansdo ëm de Kontroll bekëmmere, och an deenen anere Projekte sou séier schaffe géifen.

Den Etablissement public, Servior genannt, kreéiert, iwwerhëlt a gëiert ënnert der Regie vum Familljeministère d'Strukture fir déi eeler Leit, déi ënnert physe-sche Problemer leiden. De Servior iwwerhëlt deemno och déi staatlech Centre-intégrées zu Bouffer, Diddeleng, lechternach, Wolz a Veianen an esou weider.

Nom Akraafttriede vum Gesetz iwwerhëlt de Stat, fir eng Dauer vun zéng Joer, d'Bauaarbechten, respektiv d'Trans-formatiouns- a Renovatiounsarbechten. Nom Accord tëschent dem Baute-ministère, dem Familljeministère an dem Finanzministère ass et d'Administration des Bâti-ments publics, déi d'Aarbechte leet.

Deen aktuelle Centre intégré zu Wolz ass am ale Schloss ënnerbruecht an huet de Moment ongeféier 40 Pension-nairen. Zum géigewäertegen Zäitpunkt entsprécht de CIPA awer net méi deenen Ufuerderungen u Confort a Sécherheet, déi haut verlaangt ginn. D'Exploita-tiouns-käschte leien och vill ze héich an d'Better par rapport zum wunnbare Raum si begrenzt. D'Gréisst vum Schloss huet héich Energie- an Ënnerhaltskäschte mat sech bruecht. D'Schloss gëtt elo duerch deem neie CIPA an der Geerelsbaach - fir déi Einheimesch zu Wolz ass dat "d'Kousswiss" - fräi gemaach. Et kann een elo driwwer diskutéieren, ob dat e gudden oder schlechte Site ass, mä de Fait ass, dass zu Wolz selwer eng zéng Siten ënnersicht gi waren an néierens konnt een zréckbehale ginn.

Dëse Site ass mam Aval vun der Gemeng a vun der Regierung zréckbehale ginn. En ass awer virun allem zréckbehale gi weinst senger Proximitéit mam Zentrum vu Wolz. Dee Site, wou deem neie CIPA soll gebaut ginn, ass am Moment duerch en öffentleche Parking, dee vun der Stad Wolz aménagéiert ginn ass, besat. Dëse Parking ass duerch d'Rue de la Fontaine accessibel iwwer eng kleng Strooss laanscht d'Place des Martyrs. Dëse Wee ass deem eenzegen, dee momentan zougänglech an och befuerbar ass.

Eng aner Méiglechkeet deet sech op, fir op der Südsäit vun deem neie Projet, an der Rue des Pêcheurs, eventuell kënnen eranzekommen.

D'Planifikatioun vum Projet ass duerch déi besonnesch topographesch Beschafeneheet vun der Stad Wolz a vum Site selwer erschwéiert ginn. Dobäi kommen déi funk-tionell Kritären, déi beim Bau vun engem neien a moderne CIPA musse berücksichtegt ginn, wéi zum Beispill, datt keng verschidden Niveauen op enger Etage däerfe sinn. Et muss e kohärent Zesummespill vun de Funktiounen vun deem neie Bau, deem ënnerierdesche Parking an e gudden Accès zu der Stad Wolz gewähr-leescht ginn.

Mam Bau vun deem neie CIPA gëtt och eng Grénganlag ageriicht, mat Terrassen, Gärt an Trëppelweeër, déi duerch déi gönschteg Lag zur Sonn zu alle Joreszäiten zur

Geltung kommen. Hei kann een och soen, datt d'Proximitéit zu dem Bësch op der Kautebaacher Strooss an zum Schloss fir de CIPA e flotte Point de départ gëtt, fir datt déi Pensionnairen, déi do sinn, och kënne vill spazéiere goen, esou wéi de Rapporteur Néckel Strotz dat virdrun am Projet vum CIPA Diddeleng ervirgestrach huet.

Alles an allem sinn 120 Zëmmeren an dräi Bléck virgesinn. Dat heescht, all Block kritt 40 Zëmmer. D'Appartementer si verschiddearteneg. Si hunn zwar all déiselwecht Surface an déiselwecht sanitär Ausstattung. Si erlaben doduerch dann och dem Pensionnaire, seng individuell Wënsch zum Ausdrock ze bréngen an dat Zëmmer ze beleëen, wou hie senge perséinleche Besoine kann nokommen, an deem Sënn, datt e seng Miwwel ka matbréngen a verschidden Aariichtunge ka selwer gestalten.

Eng Partikularitéit besteet doranner, datt een eenzel Zëmmer ka matenee verbannen, wann emol eng Kéier eng Koppel als Pensionnaire wëllt erakommen oder als kleng Grupp, fir datt eng Gemeinschaft do entsteet.

De Projet ënnerdeelt sech grad wéi dee vun Diddeleng a véier Zonen.

An der Zone 1 ass en öffentleche Beräich. Dat ass do, wou ee sech ka begéinen, matenee Kontakt kréien a wou d'Pensionnairen, d'Visiteuren an d'Personal hiert gesellschaftlecht Liewen zu all Moment kënne verbréngen.

Ervir stécht virun allem de Rez-de-chaussée, wou all déi Funktiounen ugesiedelt sinn, déi zu engem gemeinsamen Zesummeliewen onerlänglech sinn. Dat ass den Accueil, et si Geschäfte, Restauranten, eng Cafeteria an eng grouss Salle polyvalente.

Virun der Cafeteria ass eng grouss Terrasse, déi en direkte Kontakt mam Public mécht an déi och vu baussen accessibel ass. Déi ganz Zone d'accueil leeft op en helle Bannenhaff eraus, deen duerch natierlech Luucht beliicht gëtt. En huet eng pittoresk Vue op d'Wëlzer Schloss an op deen ale Stadkär vu Wolz. Vum Émfank aus sinn d'Lifter einfach ze erreechen an esou ubruecht, datt se en direkten Accès zu den Zëmmeren hunn.

D'Zone 2 ass den Espace semi-public. Dee wäert sech och um Rez-de-chaussée befannen, deen ënner anerem zéng bis siwwenzéng Zëmmeren ëmfaasse wäert, déi ronderëm e Séjour lokaliséiert sinn. Et ass och e groussen Openthaltsraum do fir d'Pensionnairen an d'Visiteuren. Am Sous-sol hunn déi zwou sozio-therapeutesch Gruppen en direkten Accès op d'Terrassen.

D'Zone 3 ëmfaasst de private Beräich, dat heescht d'Zëmmeren vun de Pensionnairen. Déi 120 Zëmmer sinn an deene verschiddene Fligele vum CIPA verdeelt, mat enger maximaler Sonnebeliichtung, déi dozou bäidréit, datt d'Zëmmeren hell duerschliicht sinn an datt och e visuelle Kontakt mat den Awwunner erhale bleift.

23 Logementer kommen op den drëtten Stack, deen dee klengste wäert sinn an dee mat den Unités de soins um zweeten Stack duerch dräi Lifter verbonnen ass.

41 Logementer an eng Unité de soins sinn um Niveau 2, respektiv um Niveau 1 ënnerbruecht.

15 Logementer sinn um Niveau vum Rez-de-Chaussée, deen och nom Modell vun der drëtter Etage nëmme reduzéiert Funktiounen wäert hunn. All Zëmmeren hunn déi noutwendeg sanitär Aariichtungen, déi och behënnerteregerecht installéiert sinn.

Dobäi kommen déi néideg Raccordementer an op Wonsch vu Pensionnaire kann eng Kitchenette agebaut ginn. Et ass och virgesinn, an 10% vun den Zëmmeren eng Kichen ze installéieren. Am Fall wou Pensionnairen dra kommen, déi keng Miwwel hunn, kënne och aacht bis zéng Zëmmeren miwweléiert ginn.

D'Séjour ginn um Enn vum Couloir agericht, mat enger Vue op d'Stad Wolz. De Beräich vum Personal regroupéiert all déi noutwendeg Funktiounen an Equipementer, déi zur Verrichtung vun där alldéeglecher Aarbecht am CIPA noutwendeg sinn.

D'Zone 4 ëmfaasst den öffentleche Parking. Wat de Parking um zweeten Sous-sol ubelaangt, esou huet deen eng Kapazitéit vun iwwer 100 Parkplazen. Op dem éischten Sous-sol gëtt e Parking aménagéiert mat 30 Stationnementsplaze fir handicapéiert Leit.

Wat den technesche Beräich ubelaangt, esou ass eng Zentralküche virgesinn, wou d'lessen op der Plaz preparéiert gëtt fir 600 Leit. Dat heescht, et kënne 150 lesse fir de CIPA selwer preparéiert ginn a 450 lesse fir Repas sur roues. Ech denken, datt de Kolleg Schank an ech selwer eis wäerten dofir asetzen, datt mer do eis Proposition de loi zum Droe kréien, déi momentan nach beim Statsrot läit, fir datt mer do kënne Produkter aus der Region vum Séi ubidden.

(Interruption)

Mir fänken emol op där Plaz un, Mme Wagener!

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Dat heescht, da ginn déi aner désavantagéiert, oder wéi?

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech hu virdu schonn erwähnt, datt déi architektonesche Erausforderung doranner bestong, den neie Wëlzer CIPA der topographescher Beschafeneheet vun der Stad Wolz a vum Site an der Geerelsbaach Rechnung ze droen. D'Gebailechkeete sinn, wéi gesot, a fënneg grouss Bléck ënnerdeelt ginn, déi sech harmonesch un de Site upassen.

D'Gebaier vum neie CIPA goufen esou agencéiert, datt se e bëssen a Kontakt si mat deenen Haiser vun der Alstad. Et ass vläicht nach hei ervirzepräichen, datt de Site ganz prekär ass, well et nom Krich e Site war, wou Bauschutt opgetippt ginn ass, wou duerno och nach eng Kéier eng Décharge war a wou mer vläicht Problemer mam Ënnergrond kréien.

Et ass och an deem Projet virgesinn, fir ronn 82 Milliounen ze investéieren, fir do Buerungen ze maachen, vu datt d'ganz Gebai op Piliere stoe kënnt.

D'Parkinge gi mat Grénganlagen iwwerdeckt an d'Konstruktioun vum CIPA selwer ass éischter traditionell, wou dann och deenen thermeschen an isolatiounstechnesche Kritäre Rechnung gedroe gëtt.

D'Salle polyvalente ass mat enger Klimazentral ausgestattet, déi sech selwer steiert, jee no Unzuel vun de Leit, déi an de Raum kommen. Datselwecht ass beim Restaurant a bei der Cafeteria de Fall, an d'Foyeren an d'Korridore si mat Buedemheizung équipéiert.

D'Heizung vum CIPA ass un dat öffentlecht Gasnetz ugeschloss. Et ass awer och nach eng konventionell Heizung virgesinn. Dat heescht, eng Masuttsheizung mat engem Réservoir vu 40.000 Liter Masutt, fir wann eng Kéier eppes en panne géing falen. D'Drénkwaasser-versuergung gëtt iwwert d'Waasserdistributioun vun der Stad Wolz garantéiert. Et ass och eng Rekuperatiouns-anlag virgesinn, fir d'Reewaasser opzefänken.

D'Energieversuergung gëtt duerch e kompakten Transformatiounsposten assuréiert an och déi Kabelen, déi fir d'Elektresch verluegt goufen, sinn ouni hallogen Substanzen, esou datt mer an deem heite Projet gesinn, datt mer an d'Richtung ginn, fir deen ekologesche Leitfade fir d'Bauten ze suivéieren. Ech ginn do der Mme Wagener e bësse Recht, datt mer an Zukunft vläicht méi gezielt mussen dorobber agoen, mä Dir gesitt awer, datt en Effort vum Bauteministère gemaach gëtt, fir an déi Richtung ze goen.

Ech wollt nach just soen, datt fir d'Pensionnairen e portablen Nourruffsystem zur Verfügung steet, wat hinnen erlaabt, zu all Moment mat der Zentral vum CIPA ugeschloss ze sinn.

De Käschtépunkt vun dësem Projet beleeft sech op 1.693.000.000 Frang. Dat si ronn 42 Milliounen Euro, och erëm mat dem Bautenindex vum 1. Abrëll 2001, iwwert dee mer virdru scho Rieds haten. Ech denken, datt bei deem nächste Projet deem Rechnung gedroe gëtt, datt mer ëmmer dee leschte Bautenindex mat eranhuelen.

Wa mer dee Projet haut hei stëmmen, denken ech, datt en am Joer 2003 ka lancéiert ginn an d'Bautenaarbechten dann am Joer 2005/2006 kënnen ofgeschloss ginn.

Den Avis vum Statsrot war positiv, esou datt keng gréisser Verbesserungen hu misste virgeholl ginn. Dofir géif ech hoffen, datt mer dee Projet haut hei stëmmen an ech géif och den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech géif awer nach eng Kéier wëlle soen, datt déi Affär vum Parking eis och an der Kommissioun ze denke ginn huet, well de Parking vläicht e bësse begrenzt ass a well mer zu Wolz selwer dee Problem schonn hate mam Parking am Lycée du Nord. Ech hoffen, datt mer vläicht en cours de route, wann eng Méiglechkeet sech ergëtt, de Parking kënnen vergréisseren.

An deem Sënn géif ech lech merci soe fir d'Nolauschteren an dem Här Rippinger soen, datt ech elo endlech ophalen.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Georges Wohlfart (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 4869 iwwert de CIPA Wolz ass sécherlech e wichtege Projet, genau wéi dee virdrun, fir d'eeler Matbierger an onsem Land.

Mir hunn zanter enger Rei Joren e Konsens hei zu Lëtzebuerg entwéckelt wat d'Alterspolitik ugeet, nodeem mer an der Fleegeversécherung, déi agefouert ginn ass, op där enger Säit déi Leit, déi doheem wëlle bleiwen, ofgeséichert hu mat enger ganzer Rei vun Déngschter, déi ugebuede ginn, an op där anerer Säit géif ech mengen, wat déi méi speziell Infrastrukturen ugeet fir déi Leit, déi aus enger ganzer Rei vu Grënn, op déi ech net wëll agoen, well ech soss ze vill Zäit brauch, net méi kënnen doheem bleiwen, kënnen an engem Centre intégré pour Personnes âgées opgeholl ginn.

Et ass en integrierte Modell, deen an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg sai Wee gemaach huet, op deem mer och an der Zukunft wäerten opbauen. Mir hunn op där enger Säit Leit, déi nach valid sinn, déi kënnen an dës Strukturen opgeholl ginn, déi och do kënnen eng gewëssen Autonomie entwéckelen, esou laang dat méiglech ass, an ech géif mengen, dass dat mat dem medezinesche Fortschrëtt bedeit, dass déi Leit ëmmer méi laang sech kënnen onofhängeg beweegen an och eng perséinlech Fräiheet den deeglechen Oflaf wäert matbestëmmen.

D'Iddi ass, wann déi Leit dann eng Kéier aus engem medezinesche Grond net méi valid sinn, fir sech kënnen selwer ze versuergen, dass se dann net brauchen aus engem Milieu erausgerappt ze ginn, mä kënnen an deem Haus, wou se dee Moment gelieft hunn, bleiwen, wat sécherlech net falsch ass.

Dës Politik gëtt konsequent an deenen zéng Haiser, déi ënnert der Responsabilitéit vum Familljeministère fonctionnéieren, och an Zukunft weider ausgebaut.

Mir haten an der Kommissioun eng Diskussioun, déi ech hei net wëll ze vill monopoliséieren an och net ze vill am Detail drop agoen, mä d'Fro, déi ee sech ka stellen, ass, ob dee Modell, dee mer haut diskutéieren, de CIPA, par rapport zu deem, wat mer soss hate virun 30 Joer, op där enger Säit en Altersheim, op där anerer Säit d'Fleegeheim, als integrierte Modell och an 20, 25 Joer nach valabel ass.

D'Mme Wagener huet drop higewisen, dass et am Ausland eng Rei Konzepter gëtt, déi an eng aner Richtung ginn, an zwar vu méi kleng Strukturen oder vu parallelen

Arlichtungen, déi niewentenee funktionéiere kënnen, fir sou deenen individuelle Bedierfnesser vun de Leit nach méi Rechnung ze droen.

Här President, Mme Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass eng Diskussioun, déi mer eng Kéier am Globale féiere sollten. Ech verschléisse mech sou enger Diskussioun net, sachant bien dass d'Leit ëmmer méi al ginn an ëmmer méi laang valid bleiwen, sou wéi och den Ussproch op perséinlech Fräiheet, Autonomie an u Confort méi grouss gëtt. Ech muss awer soen, dass mir haut de Mëtteg zwee Projete gestëmmt hunn, wou mer sécherlech deene Leit, déi an de Genoss vun deenen Infrastrukture kommen, dat ubidde wat hinnen zousteet, mä ee grouse Problem bleift dee vum Käschtepunkt. 8,5 oder 9,5 Milliounen, jee nodeem wéi mer dat rechnen, dat ass awer ee Chiffer, deen net schlecht ass. Ech géif awer mengen, wa mer géifen an eng aner Richtung goen, fir nach méi individuell Wënsch ze berücksichtegen, da kéime mer an eng Situatioun, wou dat ganz schwéier ze bezuele gëtt. Ech wollt dat just als Klammer hei opmaachen an da kommen ech och direkt rëm op de Projet Wolz zrëck, deen de Frënd Nico Loes op eng excellent Aart a Weis, am Detail an am Historik, hei virgedroen huet.

Et ware ganz vill Diskussiounen iwwert den Ausbau vum Altersheim vu Wolz um Site actuel. Do muss ech éischtens soen, dass mer héchstens 80 Better hätte plangen an duerchféiere kënnen. An dann de Käschtepunkt! Mir hunn an deene leschten Deeg hei iwwer ee Projet diskutéiert, wou et ëm een Albau, ëm Transformatiounen gaangen ass, an de Mëtteg hu mer nach ee Projet um Ordre du jour, wou och d'Sanéierung vun der aler Bausubstanz e grouse Problem duerstellt. Do stellen ech mer d'Fro, ob et dann och nach duergaange wier mat deem Käschtepunkt, dee mer haut diskutéiere, fir datt mer do weider 80 Pensionnairen hätten ënnerbrénge kënnen, ouni vum Confort ze schwätzen, deen haut d'Leit do hunn. Alleguer déi, déi d'Altersheim vu Wolz kennen, wëssen, dass d'Sécherheet vun deene Leit ee grouse Risikofaktor ass. Duerfir begrësse mer dese Projet, deem seng Virgeschicht schonn op 1995 zrëckgeet. Bei alle Siten, déi mer an d'A gefaasst haten, hu mer jo awer dem Element Rechnung droe mussen, dass d'Leit och am drëtten a véierten Alter sou no wéi méiglech am Zentrum vun enger Uertschaft liewe kënnen, sou dass de Site vum neie CIPA, duerch d'Topographie vun der Stad Wolz, deen eenzege Site ass, dee mer zrëckbehalen konnten.

Ech mengen 120 Better fir 120 Leit ass eng ganz gutt Saach. Ech wëll dem Rapporteur nach eng Kéier merci soen, fir d'Aart a Weis wéi en dee Projet, dee vum architektoneschen hier net einfach ass, hei explizéiert huet an en long et en large erklärt huet. Ech wollt elo och direkt den Accord vu menger Fraktioun hei zu deem Projet erabréngen, mä ech wëllt nach just e puer Froen opwerfen.

Mir hunn an der Kommissioun laang driwwer diskutéiert, ob d'Parkingsméiglechkeeten duerginn. Doduerch dass mer op deem Site hei de CIPA bauen, verléiere mer am Zentrum vu Wolz eng Rei Parkplazen. Si gi vläicht kompenséiert duerch dee Parking, dee virgesinn ass, wou, wann ech gutt am Bild sinn, ronn 100 bis 110 Parkplaze fir d'Stad Wolz an de Public reservéiert solle sinn, dovunner 30 fir de CIPA. Wann een awer weess, dass ëmmer méi Leit méi laang Auto fuere wéi dat nach virun 30 Joer de Fall war, an dass dann och nach Personal dobäikënnt, dann ass d'Fro berechtigt, ob dat duergeet. Ech fannen awer dass et ni ze spéit ass, fir zesumme mat der Stad nach gegebenenfalls no anere Solutiounen ze sichen.

Et war net einfach fir d'Architekten an d'Ingenieuren, déi mat deem Projet beschäftigt waren, eng harmonesch Integratioun vum Projet an d'Stadbild vu Wolz ze realiséieren, mä, souwäit ech dat der Maquette no jugéiere kann, ass dat op eng virbildlech Aart a Weis gelongen.

Ech hunn nach dräi Froen, déi éischt ass déi vun der Kichen. De Rapporteur huet gesot, mir hätten, an dat steet jo och am Rapport ganz deitlech, hei eng Kapassitéit vu 600 lessen, dovu ronn 150 fir de CIPA selwer. Souwäit ech am Bild si kënnt de Repas sur roues zum Beispill fir d'Stad Wolz net vun do, mä dee gëtt nach ëmmer vun der Kichen aus der Klinik geliwwert. Sou dass ech mer just d'Fro stellen: Wou ginn déi aner 450 hin? Net dass ech domat ee Problem hätt, ech wëll just wëssen, wéi mer et rationell organiséiere kënnen, dass déi Kiche sech dann och an deem Ausmooss bezuelt mécht. Méi ass dat net als Fro.

Vu dass d'Mme Jacobs och de Mëtteg bei eis ass, wollt ech se froen, mir haten och emol ee Projet vum Émbau vun der aler Klinik Dikrech: Wéi wäit ass dee virugeschrott? Dat ass och ee wichtege Projet fir déi eeler Leit an deem Raum. Meng lescht Fro bezitt sech op den neie Projet CIPA Ettelbréck, deen a leschter Zäit jo och e bësse fir Schlagzeile gesuergt huet. Ech mengen d'Mme Jacobs ass och do gutt placéiert, fir eis ze soen, wéi wäit dass dee Projet, dee mat der Gemeng Ettelbréck zesumme realiséiert gi soll, virugedriwwen ass.

Eng lescht Bemierkung, déi mer als Mediziner um Häerz läit, ass déi iwwert d'qualifizéiert Personal. Vun deenen Haiser, déi sech ëm déi eeler Matbierger bekëmmern, an dat ass ee Problem, dee mer net nëmme bei de CIPAn hunn, deen hu mer och am Klinikswiesen. Am Allgemenge muss net nëmme Wäert op d'Qualitéit an de Confort vun den Zëmmere geluegt ginn, mä och op d'Qualifikatioun vum Personal. Do sinn Normen am ASFT-Gesetz virgesinn. An da mengen ech ass et ganz klor, datt mer mussen, an dat ass fir mech perséinlech och kee Problem, op Leit aus dem grenziwwerschreidende Gebitt zrëckgräifen. Ech mengen, Mme Minister, wann et aneschtens wier, wa mer do ee Problem hätten, dass mer

net genuch Leit hätten, da wär ech frou, wann Der ons dat matdeele kéint, mä ech mengen, souwäit ech informéiert sinn, hätte mer nach ëmmer do ee Potenzial vu Leit, deen duer goe géif.

Dat waren e puer Remarken an e puer Froen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi ech zu dësem Projet stelle wollt an ofschléissend bréngen ech nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun an ee Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - Den Här Emile Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll dem Rapporteur félicitéiere fir säi gudden méndlechen a schréftlechen Rapport. Ech mengen hee war dee richtege Mann fir de Rapporteur hei ze spillen. Hee kennt d'Situatioun, vun eis all, am beschten.

Mir hunn et hei mat engem Projet ze dinn, deen 1,6 Milliarde kascht an deen dem Stat et erlaabt, een Altersheim, ee Centre intégré, zu Wolz ze finanzéieren. Et ass eng Geschicht, déi scho relativ laang dauert. Den Haaptproblem lung a sech an der Sich no engem Site, deen da lo endlech fonnt ass. Et ass ee schéine Projet, et ass awer och gläichzäiteg een deiere Projet. Dat kennt ganz einfach doduerch, datt en och op engem aussergewöhnlechen Site gebaut gëtt. Ween d'Situatioun zu Wolz kennt a weess, wou de Site stoe kënnt, dee weess, datt dëse Projet huet mussen architektonesch an d'Emgéigend integréiert ginn. Dat huet dann dozou gefouert, datt de Projet méi deier ginn ass.

Als ee Beispill kéint een zitieren, dass do wou de CIPA gebaut gëtt opgeschottene Buedem läit, an doduerch datt do gebaut gëtt muss dat ganz Gebai op Pieue gesat ginn. Alleng d'Pieue kaschten à peu près 82 Milliounen. Dat bréngt et da mat sech, datt mer hei op ee Käschtepunkt pro Bett vun à peu près eelef Milliounen kommen. Dat ass ganz generéis wat mer hei fir déi eeler Matbirger aus dem Wëlzer Raum maachen, an et kann een also der Regierung hei net de Reproche maachen, si géif sech d'Wuel vun den eelere Leit näischt kaschte loosse.

Wat iwwert d'Konzept vun engem Centre intégré hei gesot ginn ass, halen ech alles gutt. Ech halen och alles gutt iwwert déi Konzepte, déi virduer do waren an halen och alles gutt iwwert déi Konzepte, déi an Zukunft wäerte gemaach ginn, fir rauszufannen ob mer um richtege Wee sinn.

De Wëlzer CIPA ass net nëmmen een aussergewöhnlechen Projet duerch seng Architektur an duerch säi Käschtepunkt, mä och duerch seng Virgehensweis. Et ass nämlech sou, datt de Stat Bauhär ass am Numm vun engem Etablissement public, dat déi staatleche Altersheimer senger Zäit iwwerholl huet. Dat ass och a sech an deem Gesetz festgehalten, dass de Stat fir zéng Joer duerfir opkomme kann, aussergewöhnlech ass awer par rapport zu deene

Projeten, déi mer gewinnt sinn hei ze diskutéieren, déi finanziell Participatioun vum Stat. An der Vergaangenheet hu mer gréisstendeels Projeten hei diskutéiert an och gestëmmt, wou de Stat sech mat 80% an d'Gemenge mat 20% un de Käschte bedeelegt hunn. D'ASFT-Gesetz vun 1998 gesäit awer och vir, datt de Stat ee Projet zu 100% finanzéiere kann. Senger Zäit huet déi zoustänneg Chamberskommissioun dat am Projet bäibehal, obschonn de Statsrot proposéiert hat dës Dispositioun erauszehuele mat der Begrënnung, dass, wann de Stat ee Gebai mat 100% finanzéiert, hien et da wuel net a friem Hänn erausgi wäert, fir et ze gëieren. Et war also richtig, dass mer dës Dispositioun bäibehalen hunn.

Am Artikel 13 vum ASFT-Gesetz ass festgehale ginn, ënnert wat fir enge Konditiounen de Stat sech mat 100% um Bau vun engem Altersheim bedeelege kann, an dat héiert sech sou un: "Au cas où le projet répond à un besoin urgent en plan régional ou national dûment constaté par le gouvernement, comme ça le taux peut être porté jusqu'à 80%. Ce taux peut être porté jusqu'à 100% dans le cas où l'Etat doit prendre l'initiative d'un projet pour répondre à un manque d'infrastructure auquel l'activité des organismes s'est révélée impuissante à pourvoir."

Wann een elo schlecht denke géif, da kéint ee mengen, dass déi honnertprozenteg Participatioun vum Stat a sech doraus resultéiert, well keen d'Initiativ geholl huet. Bei all deenen anere Projeten, wou 80% subventionéiert goufen, waren et ganz oft d'Gemengen, déi d'Initiativ geholl hunn a sech dann och mat 20% doru bedeelegt hunn. Et kann een also soen, datt op där enger Säit d'Gemengen Diddeleng a Wolz privilegiéiert sinn, op där anerer Säit misst ee soen, datt hir Schefferéit versot hunn d'Initiativ ze huelle fir ze hëllefen déi Altersheimer ze gestalten.

Ech op jidde Fall riskéiere bei menge Gemengen a bei menge Kolleegen am Syndicat, wou mir decidéiert hunn eis un engem Altersheim mat 20% ze bedeelegen, de Reproche gemaach ze kréien, ech hätt schlecht verhandelt. Ech sinn awer der Meenung an ech bleiwen do derbäi, datt ech gutt gehandelt hunn, well ech einfach meng Prioritéiten zesumme mat menge Kolleegen Buergermeeschteren, wou den Här Gira och een ass, gesat hunn a mir eis un der Participatioun vun deem Altersheim bedeelegt hunn. Et wonnert mech dofir, datt speziell am Fall Wolz ech an der Zeitung aus dem leschte Gemengerotsbericht liesen, datt d'Gemeng Wolz sech absolut net um Bau vun dësem Projet hei bedeelegt, an eleng dem Stat dee Mérite zoukënn, datt si dann awer een Usproch op 80 Better stellen. Ech zitieren: Dieses Altersheim wird über 120 Betten verfügen, wovon die Gemeinde 80 für sich beansprucht. Domat kann de Stat net d'accord sinn. Fir eng Participatioun u Better ze hunn, misst d'Gemeng Wolz dann awer och duerfir bezuelen. Am anere Fall misst de Stat alleng do Meeschter bleiwen.

Een anere Problem ass vum Här Wohlfart ugeschwat ginn, dat ass dee vun de Parkplazen zu Wolz. Den Här Wohlfart huet dat zu Recht hei opgeworf a mir kennen d'Situatioun zu Wolz, do sinn d'Parkplazen net sou heefeg an do ass een op all Parkplaz ugewisen an de Stat, wann ech dat richteg gelies hunn an deem Projet, hat der Gemeng Wolz proposéiert, een drëtte Sous-sol ze baue fir Parkplazen ze maachen. Do kann ech lech och virliese wat am Gemengerot festgehale ginn ass, dat steet nämlech an der Zeil ënnendrenner, an zwar: Ein zweites Untergeschoss für weiteren Parkraum im Interesse der Bürger von Wiltz wurde als zu teuer abgelehnt.

Dat heescht, d'Gemeng Wolz, stellen ech just fest, wëllt sech absolut net un deem Projet hei bedeelegen. An deem Sënn kann een dem Stat am Numm vun de Wëlzer Bierger merci soen, datt hie sech hei senger Responsabilitéit unhëlt an dëst Altersheem hei baut. Ech kann dann och am Numm vun der Fraktioun vun der demokratescher Partei eisen Accord heizou bréngen.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, fir d'éischt am Ufank vu menger Interventioun wëll ech dem honorablen Här Loes fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport merci soen.

Ech wëllt verschidden Iwwerleeungen zu dësem Projet féieren. Et ass fir déi Wëlzer Regioun noutwendeg, dass e Fleege- an Altersheem gebaut gëtt, well och hei d'Demanden ëmmer méi an d'Luucht ginn.

Viru kuerzem hu mer héieren, datt op der Giewelsmillen d'Altersheem a Schwierregkeete geroden ass. Ech wëllt d'Ministesche vun der Famillje froen, awifern dass dëst Altersheem zougemaach gëtt, firwat datt et zougemaach gëtt, duerch wéi Grënn.

Den aktuelle Centre intégré ass am ale Wëlzer Schlass installéiert an huet 40 Leit. Den neie Centre intégré wäert fir 120 Leit Plaz hunn, soudass mer plus ou moins 80 nei Plaze schafe wäerten, well den ale Centre intégré zu aner Zwecker gebraucht wäert ginn. De Präis fir dës Konstruktioun ass den 1. Abrëll 2000 op 1.693.000.000 fixéiert ginn, dat heescht, datt den Endpräis vill méi héich leie wäert. Dat war nach ëmmer sou, a wäert och héchstwahrscheinlech dës Kéier net anescht sinn. Ech stellen awer fest, dass bei deem heie Präis ee m_ alles mat abegraff, ouni Terrain, 25.100 Frang kaschte wäert. Dat ass eiser Meenung no kee korrekten Präis, well een och mat 14.000 bis 15.000 Frang pro m_ mam Terrain déiselwecht Aarbecht hätt maache kënnen. Mir stelle fest, dass déi Aarbechten, déi de Stat ënnerhëlt, ëmmer méi kaschten. Am private Secteur hätt ee fir déiselwecht Aarbecht manner bezuelt.

Mir bemängelen och, dass hei keng detailléiert Präisser virleien, dat heescht, mir wëssen net, wéi vill Kabele gebraucht ginn, wéi vill Steng, wéi vill Gips. Mir hätte mol eng Kéier gären héieren, wéi déi detailléiert Präisser am Groussen a Ganze sinn. Wann een de gesamte Präis vun 1.693.000.000 hëlt, an een deen duerch 120 deelt, kënnt een op de Chiffer, lo zu dësem Zäitpunkt, vun 14,1 Milliounen pro Zëmmer. Den Här Wohlfart huet vun aacht Milliounen geschwat, den Här Calmes vun eelef. Ech kommen awer op 14,1 Milliounen. Virdrun, an deem Projet vun Diddeleng koume mer op ee Präis vun zwielef Milliounen, dat ass en Ënnerschied pro Zëmmer vun zwou Milliounen. Ass dat eleng doduerch bedéngt, dass do dee Site ganz anescht läit? Wann dat esou ass, da misste mer vläicht an nächster Zukunft kucke fir ganz aner Siten ze wien.

Bäi esou engem Präis soll eiser Usicht no awer och de Bewunner eppes gebuede ginn. Positiv ass de Fait, datt an dësem Zentrum Geschäfte, Restauranten, Coiffeuren a Pédicure virgesi sinn. Mir hätten awer och gäre gehat, datt och nach aner Strukturen an esou en Zentrum agebaut ginn, zum Beispill eng Keelebunn, eng Schwämm, e Fitnessraum, eng Sauna. Dofir froen ech d'Ministesche: Firwat ass an dësem Projet vun CIPA intégré, dee sou modern ass, net un esou eng Alternativ geduecht ginn? Well alles, wat dozou bäidréit, datt déi Bewunner gutt drop sinn, ass e positive Punkt. Hir kierperlech a séilesch Verfaassung muss laang Zäit oprechterhale ginn. Wa schonn en héije Präis, dann awer och dat Allerbescht fir déi kierperlech a séilesch Verfaassung vun der eelerer Persoun. Vergiesst mer net, datt grad déi eeler Generatioun zum Wuelstand vum Land bäigedroen huet! Et ass traureg, wann een eng Persoun an en Altersheem besiche geet, an do verschidden eeler Leit gesäit, déi an hirem Stull setzen an de Kapp hänke loosse, well do net vill gebuede gëtt, an och, well ze wéineg Personal do ass, fir sech mat hinnen ze beschäftegen. Dat misst hei mat dësem neie Bau awer verhënnert ginn.

Eng aner Kritik, déi een hei ervirbréngen kann, ass datt net vill Gebrauch gemaach gëtt wat den Undeel vun erneierbaren Energien ugeet. Et gëtt vun circa 1% geschwat. Et gëtt nach ëmmer méi Wäert op fossil Energië geluegt, an dësem Fall op Gas a Masutt. Hei verpasst de Stat d'Geleeënheet, fir mam gudden Beispill virzegoen, eng Virreiderroll ze spillen an déi nei Energien ze promovéieren. Ech wëllt d'Mme Minister froen, firwat hei net méi an erneierbar Energien investéiert gouf.

Dës Weideren hoffe mir, dass mer während den Aarbechte keng weider negativ Iwwerraschungen erliewe wäerten. Déi geotektonesch Struktur vum Buedem ass nämlech vu ganz schlechter Qualitéit. Dës Plaz gouf jo zrëckbehalen, well se no beim Zentrum ass.

Wat de Parking ugeet, sou solle Parkplaze fir d'Gemeng Wolz gebaut ginn a Parkplaze fir d'Alters- a Fleegeheem.

Et gëtt vun 30 Plaze fir physesch behënnert Persounen oder eeler Leit geschwat, déi méi Plaz brauche fir ze parken. Am Projet geet awer net kloer ervir, ob och Parkplaze fir d'Bewunner virgesi ginn. Ech géif gärén d'Mme Minister froen, wéi de ganze Parking aménagéiert soll ginn. Ech hunn d'Gefill, dass mer hei mat der Vermëschung tëschent öffentleche Parkplaze fir d'Gemeng Wolz a private Plaze vum Altersheem Schwierégkeete kréie wäerten.

Allgemeng wier hei nach ze soen, dass mer hei eng Struktur schafe fir 80 nei Leit. Den 1. November 2000 waren 3.000 Demanden am Land, dorënner waren 295 dringend an 100 ganz dringend. Ganz vill Leit setzen am Spidol a mussen do eraus, well d'Spidol zu aneren Zwecker geduecht ass. Wann ee bedenkt, datt eis Populatioun ëmmer méi al gëtt, an ëmmer méi Leit eng Demande maache wäerten, fir an engem Alters- a Fleegeheem opgeholl ze ginn, da musse mir eis iergendwéi d'Fro stellen, wat an der Zukunft geschitt. Mir mussen eis munch Gedanke maachen, well mer an dësem Rhythmus déi ganz Problematik net an de Grëff kréien. Mir wäerten héchstwahrscheinlech Strukture wéi de Service aide à domicile a Soins à domicile ausbaue mussen. Et gëtt menger Usicht no keng aner Léisung.

Fréier hunn dräi Generatiounen an engem Haus gewunnt. Hautdesdaags gesäit een, dass déi dräi Generatiounen an dräi verschidden Haiser an och nach an dräi verschidden Dierfer wunnen. Fréier, dat heescht viru maximal 30 bis 40 Joer, huet d'Hausmamm de Bop an d'Bom gefleegt, wa se pflegebedürftig waren. Vun dëser Plaz wéilt ech gärén de Fraen, déi haut och datselwecht maachen an hir Elteren oder hire Mann doheem fleegen, e ganz grousst Kompliment maachen, well et eng ganz schwéier Aarbecht ass. Mir wësse, wat et heescht, doheem eng eeler Persoun ze betreiën. D'Grousselteren hunn hirersäits konstruktiv am Haus matgeschafft, si hunn e Sënn am Familljeliewe fonnt an hu sech mat den Enkelkanner beschäftegt. Et ass schued, dass d'Familljestruktur sech sou fundamental geännert huet, soudass mer lo kucke mussen, wéi mer de Problem vun den eelere Leit léise kënnen.

Et kënn nach dobäi, datt d'Gebuerten am europäesche Raum ëmmer méi ofhuelen. Och hei a Lëtzebuerg si mer - wat d'Lëtzebuerger Populatioun ugeet - bäi 1,3 pro 1.000. Dat gëtt zwar vun der portugiesescher Populatioun contrebalancéiert, mat där mer op 2,2 kommen, awer trotzdeem musse mer eis Gedanken iwwert den Nowuess maachen. Dat heescht, datt theoretesch ëmmer manner jonk Leit sech ëm déi eeler Generatioun këmmere wäerten. Dat werft ganz vill Froen iwwert een harmonescht Fonctionnement vun eiser Gesellschaft op. Dat ass de gréisste Problem mat deem mir konfrontéiert wäerte ginn.

Ech wéilt schlësse mat engem Zitat vu mengem Kolleeg, dem honorablen Här Jhemp Koepf: "Eis Zukunft ass och

den Alter". Dat sollte mer net vergiessen. Mir géifen domm aus der Wäsch kucken, wa mer herno eis Penssioun hunn an iergendwou setzen a keen no eis kuckt. Dat gesot, bréngen ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet.

Merci!

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Minister. Fir d'éischt kritt d'Mme Renée Wagener nach d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Entschëllegt, Här President. Et schéngt eppes mat menger Aschreiwung schif gaangen ze sinn. Ech wollt mech och ganz kuerz faassen. Ech wollt och net méi all déi Punkte widderhuelen, déi ech beim virechte Projet schonn ugeschnidden hunn, well se méi generell fir déi meeschten Altersheemer a fir d'Altersheempolitik hei am Land gültig sinn. Ech wollt just feststellen, dass hei e Beispill ass vun engem Projet, wou mer eng Kichen hunn a wou also op der Plaz gekacht gëtt. Dat ass ze begreissen. Ech géif mer wënschen, nëmmen nach esou Projekte virgeluegt ze kréien, well dat wierklech méi sënnvoll ass, net nëmme wat de Goût vum lesse betrëfft, mä och d'Qualitéit. Dat spillt jo och bei der Betreiung vun deenen ale Leit eng ganz wichteg Roll.

Deen zweete Punkt ass net esou positiv. Et ass erëm den Energiekonzept, wou ee feststellt, dass hei och erëm op eng konventionell Gasheizung gesat gëtt. Ech héieren lo hei Leit, déi sech sou lues ufänken ze langweilen, well ech ëmmer erëm mat deem Thema heihinner kommen. Mä et gëtt eng ganz einfach Léisung fir dee Problem: Presentéiert eis Projekte mat Konzepter, déi um energiepolitesche Niveau stëmmen! Da wäert ech näischt méi dozou soe mussen. Soulaang wéi dat net de Fall ass, wäert ech ëmmer erëm eng Kéier dorobber hiweisen. Ech denken och, dass et wichteg ass, dass et Leit heibanne gëtt, déi dat maachen, fir datt mer virukommen. Ech hu mat Freed zur Kenntnis geholl, datt d'Mme Ministesch virdrun och gemengt huet, dass ee sech sécherlech beim Diddelenger Projet nach Saachen iwwerleeë kéint, fir nach an eng aner Richtung ze goen. Ech wëll just feststellen, datt mer ebe lo hei net nëmmen een, mä zwee Projekte presentéiert kruten, wou et esou ass, datt dat net berücksichtegt gi war. Ech froe mech och, ob dann net um Niveau vun den Travaux publics oder vun deene Leit, déi déi Projeten ausschaffen, méi eng seriö Energieberodung gemaach misst ginn, fir datt déi Projekte vu videran deene modernen energiepoliteschen Uspréich genüge kënnen.

Dat gesot, Här President, kann ech eisen Accord zu deem Projet hei ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Ministesch vun den öffentleche Bauten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och dës Kéier dem Rapporteur, dem honorablen Här

Nico Loes, an der Kommissioun fir déi prompt Aarbecht merci. Et ass e wichtegt Investissement am Norden an e Projet, deem e schwierige Wee hat. Mir wëssen alleguer, datt déi Situatioun am Schloss, sou wéi déi al Leit am Moment logéiert sinn, net méi zäitgemäss ass.

Zu de Froen, déi gestallt gi sinn, wëll ech, wat de Parking ugeet, fir d'éischt festhalen, dass eng Konventioun tëscht dem Stat an der Gemeng Wolz nach ofgeschloss soll ginn. D'Gemeng Wolz bedeelegt sech effektiv net un de Baukäschte vum Parking. Et ass awer dogéint nach öffentleche Parkraum op der Place des Martyrs disponibel, soudatt een dovun ausgoe kann, datt de Parkraum vun deene Visiteuren, déi hei an dee Centre kommen, dann awer och am öffentleche Raum genotzt ka ginn.

Déi Fro, déi d'Energie betrëfft, ass am Ministère eingehend geprëft ginn, an et ass net vun ongeféier, wa mer op där enger Plaz eng Cogénératioun proposéieren, an op där anerer Plaz aner Léisungen, well et nämlech och eng Fro vun de Folgekäschten ass. Lo soe meng Experte mer, datt eng Cogénératioun nëmme rentabel wier, wann de Besoin a Kalorien engem gewësse Seuil entsprécht, a wann och eng permanent Demande vun Hëtzt do wier. Wa mer also eng Schwämm bäibauen, wéi den Här Colombara proposéiert, dann hätte mer och e méi grouse Besoin vu Kalorien a kéinten och eng Cogénératioun bauen.

An anere Wieder, wann een d'Problemer sou einfach ugeet a mengt, et bräicht een nëmme ze wënschen, an de Bauteministère kënnt dat dann erfëllen, ouni Berechnung vun deem wat nokënnt, da kënne mi natierlech och esou Projekte presentéieren. Ech sinn dann awer net der Iwwerzeegung, datt mer iwwerall d'Besoinen vun de Leit nach erfëlle kënnen, an datt mer dem Service public gerecht ginn, andeem mer awer e bësse versichen, déi Notzung vun den öffentleche Steiersuen och op eng judiziéis Manéier ze maachen.

M. le Président.- Den Här Gira wëll ech eng Fro stellen, Mme Minister.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Et kann een alles nach vill besser maachen. Dat ass gewëss. Et ass bei eis och kee Problem, fir nach alles ze iwwerpräiwen a puncto erneierbar Energien. Ech hunn awer hei d'Gefill, datt mer leschten Ends och net déi richteg Expäire konsultéiert hunn, vläicht misste mer d'nächste Kéier de Bureau Renée Wagener oder de Bureau Camille Gira konsultéieren, fir dann déi richteg Donnéeën do ze kréien.

(Hilarité)

Jo, Här Gira?

(Interruptions)

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Mme Ministesch, ech wollt ech grad an deem do Kontext froen, ob Der da bereet wiert, eng Kéier eng Réunioun ze maachen, net

spezifisch iwwert dat do Gebai, mä prinzipiell, fir dass mer eis ee fir alle Mol iwwert déi do Affär eens ginn, well Dir schéngt wierklech aner Expären ze hu wéi aner Leit a verschidde Gemengen. Selbstverständlech muss och no gewësse Berechnungen, nach ëmmer, eng politesch Décisioun geholl ginn.

Et ass ganz kloer wann ee reng deen ekonomeschen Aspekt kuckt, da kënnt een heiansdo zur Konklusioun, dass eng Cogénératioun kee Sënn mécht, wann een op där anerer Säit awer als Regierung sech een Zil ginn huet, an zwar 28% CO₂ anzespueren, da kënnt ee Moment, wou ee politesch Décisionen huele muss. Reng ekonomesch gesi mécht et vläicht kee Sënn, mä volkswirtschaftlech gesi mécht et Sënn.

Mir hunn op jidde Fall genuch Berechnungen an Expären déi mer kéinte mat erunzéien, déi soe géingen, dass dat doe Sënn mécht. Et gëtt haut scho Cogénératiounen, déi um Niveau vun engem Eefamilljenhaus ekologesch op jidde Fall rentabel an och wirtschaftlech schonn am Beräich vun der Rentabilitéit sinn. Duerfir géinge mir eng Demande stellen, fir ee fir alle Mol mat Ären Expären zesummenzekommen, fir dass mer net ëmmer rëm déiselwecht lästeg Diskussiounen bei all Bauprojet vum Stat kréien.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech hu kee Problem domat, Här Gira. Ech stellen dann awer eng Konditioun. Da musse mer awer déi richteg Käschtennotzungsrechnung maachen. Da musse mer awer och soen, wat de reellen Opschlag um Gesamtpräis ass, well Dir gesitt jo hei, ech kommen an d'Gedrëcks. Deen een, dee rechent mer vir, datt de Präis ze vill héich ass, an da gëtt d'Ekonomissitéit vun deem, wat mir virleeën, op déi dote Manéier contestéiert, well gemengt gëtt, mir hätten net alles richteg geprëft.

Et ass lo nach Zäit, well d'Ausaarbechtung vun de Pläng brauch jo eng Zäit an ech si ganz gär bereet, all dat ze iwwerpräiwen an op déi neisten Technologien ze goen, well mir hu jo ee gemeinsaamt Uleies, dat ass dass mer och ekologesch bauen, an datt mer do och als Stat eng Virreiderroll spillen. Ech soen all deenen, déi dësem Projet zoustëmmen, merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Famillje-ministesch, d'Mme Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen de Rapporturen an der Kommissioun merci, mä awer och der Baute-ministerin, déi dozou bäigedroen huet, datt mer an där Rapiditéit dës Projeten um Ordre du jour haben. Den Här Bodry huet den Historik gemaach, wéi séier datt dat funktionéiert huet. Ech wënsche mer mat him zesummen, datt et lo grad sou séier geet mam Bauen, fir datt mer ganz séier vun deene Gebaier, sou gutt zu Diddeleng, wéi och zu Wolz, Gebrauch maache kënnen.

Dat wat een e bësselche wonnert, dat ass jo déi Diskussioun déi hei gefouert gouf iwwert d'Präisser. Op där enger Säit seet jiddfereen: Dat ass awer deier oder schrecklech deier! Ech sinn och der Meenung, datt et éischter schrecklech deier ass wéi nëmmen deier, mä da gëtt nach verlaangt, et misst nach dëst an dat bei de Projet dobäikommen. Da musse mer natierlech wëssen, dass och dat alles ee Präis huet. Dat huet eng Kéier e Präis beim Bauen, mä wann een zum Beispill eng Schwämm zousätzlech dobäibaut, da muss een och ee Schwammmeeschter hunn, an zwar wéinstens een.

(Interruption)

Dat wär wahrscheinlech nach net dat Deierst dobäi, mä dann herno wierkt dat sech selbstverständlech op de Pensiounspräis aus an da muss ee wëssen, datt ee bal alles fuerderen a froe kann, mä et muss ee vläicht awer nach heiansdo och nach de Verstand aschalten a kucken, wat nach realistesch ass a wat net.

Ech wëll hei net op d'Politik iwwert den drëtten Alter agoen. Et ginn aner Geleeënheeten, fir dat ze maachen, mä ech géif gären op déi hei gestallte Froen agoen, wéi zum Beispill iwwert d'Zuele vun deene Leit, déi a sou eng Haiser komme wëllen. Do muss ee soen, datt et effektiv schwierig ass, déi Zuel richteg anzuschätzen. Ech si kee Mënsch deen eppes verstoppe wëilt, wéi den Här Gibéryen dat gemengt hat, well ech soss zougé misst, datt nach sou vill Infrastrukture feege géingen. Ech wëll un déi Zäiten erënneren, wou mer iwwert d'Fleegeversécherung geschwat hunn. Deemools hu mer gesot mir misste virsichteg sinn, fir ëmmer nach nei Haiser ze bauen, well mer net riskéiere kënten, bei deenen héije Präisser, déi mer hei héieren, herno mat onbesatenen Haiser do ze stoen, well déi kaschten am Fonctionnement selbstverständlech ëmmer datselwecht.

Mir wëssen, datt et vill Leit ginn, déi op zwou an op dräi Plaze gemellt sinn a wa se bis goe sollen, dann nawell soen: Mir wëlle lo net! Där Beispiller kenne mer alleguer. Mir haten, ech hunn et schonn e puer Mol gesot, eng Kéier zu Boufferdeng zwee Zëmmere fräi an do hu missten d'Leit bei honnert potenziell Clienten telefonéieren, bis se der zwee fonnt haten, fir déi zwee Better ze besetzen.

(Interruption)

Ech soen nëmmen: Alles ass relativ. Et kann net all Kéier sou séier goe wéi d'Leit dat gären hätten, mä ech sinn natierlech domat d'accord fir ze soen, datt mer virufuere mussen. Mir hu souwisou am Prozentsaz méi Better wéi iergendeen anert europäescht Land vis-à-vis vun deenen eelere Leit, déi ënnerdaach komme sollen. Ech denken awer, datt dat och eppes mat eiser Gesellschaft ze dinn huet, wou wahrscheinlech éischter d'Leit an Heimer ginn, wéi op anere Plazen, wou sech vläicht nach méi laang geplot gëtt a wou d'Leit net sou vill Suen hunn. Bei eis ass dat jo wéi gesot keen Thema. An der Zukunft

mussen awer och nach zousätzlech Infrastrukturen zu deene 700 Better, déi am Moment am Gaange si geplangt a gebaut ze ginn, dobäikommen.

Mir stellen awer och fest, dass d'Leit haut am léifste sou laang wéi méiglech an hiren eegene véier Wänn bleiwen, a wa jiddferee sech vun eis virstellt, mir géife mat 65 oder 70 Joer, wa mer nach gutt sinn, gesot kréien "elo geess du an ee Centre intégré", da géinge mir soe ma soss nach eppes. Da wieren der ewell eng Partie, déi elo vun hei géingen heem an hire Centre intégré goen. Dat kënne mer eis jo net virstellen, datt d'Leit dat maache wëllen.

Mir stelle fest, datt den Alter vun de Leit, déi an ee CIPA ginn, ëm déi 85 Joer läit. Da bleift een natierlech och net méi onbedéngt nach 20 Joer dodran. Fréier, wou ee mat 65 Joer komm ass, sinn d'Leit dann och laang bliwwen. Dat ass alles haut net méi de Fall, wat och dozou féiert, datt ee sech virstelle kann, datt och d'Demande fir d'Ophuelen an Altersheimer méi kleng gëtt wéi se bis lo war. Ech wollt och dem Här Alex Bodry, deen nom Matsproocherecht vun den eelere Leit an deenen Haiser gefrot hat, soen, dass mer do een Heimrat hunn, wou och déi eelere Leit an deene Comitée mat dra vertruede sinn. Et ass awer net ëmmer liicht fir Leit ze fannen, déi dat nach maache wëllen, a wann een och weess, wéi héich datt hiren Alter ass, da kënt Der lech virstellen, datt och net méi jiddfereen am Stand ass, fir dat ze maachen, mä sou wäit wéi et geet ginn och déi Leit an déi dote Froe mat agebonnen, well si jo selbstverständlech déi sinn, déi am meeschte vun deene Froe betraff sinn.

Et ass de Mëtteg hei vill iwwert d'lesse geschwat ginn, an och do mengen ech ass et datselwecht. Et ass net onbedéngt dat, wat mir menge wat gutt fir si wär, wou si och mengen, datt et gutt fir si wär. Et kënt vläicht gutt si fir hir Gesondheet, mä ob et dann onbedéngt néideg ass se domadder ze quälen, dat heescht fir vill Régimer ze halen an dëst an dat, wa se léiwer och emol eppes frësch Gekachtenes ...

(Interruption)

Dat ass eppes aneschteres. Neen, ech schwätzen net dovunner. Ech schwätze méi driwwer, datt mer se nach onbedéngt zu Régimer oder vläicht zu enger "nouvelle cuisine française" forcéieren, mat där se net vill um Hutt hunn. Duerfir mengen ech wier et besser, datt een dat e bësselche méi an der Vergaangenheet kucke géing. Fir mech ass eppes enorm wichteg an dat ass och vun enger ganzer Partie Riedner hei gesot ginn, dat ass déi Fro vun de Leit, déi an de CIPae schaffen.

Dat ass ouni Zweifel déi allerwichtigst Fro, well déi schéin Zëmmere an déi schéin Haiser, dat ass alles an der Rei, mä wéi gesot, d'Qualitéit vum Personal wat do schafft ass nach méi wichteg. Mir hu bis lo ëmmer Personal fonnt. Et ass klor, dass mer zrëckgegraff hunn op vill Net-Lëtzebuerger, déi hei net ëmmer sou wëllkomm si bei

verschidde Leit. Fir d'Aarbechten ze maachen, déi bei eis och kee méi maache wëllt oder wou fonnt gëtt, dass dat awer net grad sou agreabel ass, dofir sinn d'Net-Lëtzebuenger awer gutt. Déi Leit musse jo och samsdes a sonndes souwéi Dag an Nuecht schaffen. Si mussen och Aarbechte maachen, déi vläicht net sou agreabel ze maache si wéi anerer, mä et ass awer och wichteg, datt déi Leit eng Kéier eng gutt Formatioun an eng gutt Formation continue hunn, fir och de Burn out ze verhënneren, fir datt se méiglechst laang an hirem Beruff dra bleiwe kënnen. Ech fannen och datt et wichteg ass, datt een d'Méiglechkeet huet, net nëmmen an engem Altersheim oder engem Fleegeheim ze schaffen, mä och rëm de Wee kann zréck an eng Klinik fannen oder op aner Plazen, fir deem ebe besser gewuess ze sinn.

Ech wëll och drun erënneren, datt mer zesumme mat der Mme Hennicot, an hirer Fonctioun als Ministerin vun der Education supérieure, ee Master en gérontologie op dem Centre universitaire aféieren, woumat mer och weise wëllen, datt mer hei zu Lëtzebuerg net nëmme Suen, Steng an Ähnlech hunn, mä och an d'Formatioun vun de Leit investéiere wëllen. Selbstverständlech kommen och auslännesch Studenten heihinner, mä mir wëllen och, datt duerch eng zäitgeméiss Ausbildung d'Leit op d'Bedürfnisser vun deenen, déi an deenen Haiser an och an deene Servicer liewen, agoe kënnen.

Da gouf gesot, datt et awer och net gutt wier, wann déi eng Leit, déi nach valid wieren, bei deene wieren, déi net méi valid wieren. Dat wat mer feststellen ass, datt ëmmer méi Leit dément ginn an datt et vläicht net ëmmer ganz agreabel ass fir anerer, do dobäi ze sinn, mä et ginn eben och do verschidden Theorien, déi ech net erfannen, mä vun deenen awer d'Gérontologe schwätzen. Si soen zum Beispill, dass, wann een ze vill eng Trennung mécht, d'Leit sech dann och ëmmer méi an engem Ghetto zréckfannen a se dann och ëmmer manner vun deenen anere profitéiere kéinten. Et wier fir deen, deen dément ass, dacks och gutt wann en nach mat deenen anere Leit aus dem Haus eppes ënnerhuele kéint. Ech hu mer meng leschte Relioun doriwwer nach net gemaach, mä ech denken awer, datt ee Statiounen, wou wierklech lauter dément Leit sinn, awer rëm ganz aneschters baue muss.

Do brauch ee keng sou grouss Zëmmere méi, well ee méi Leit beieneen an d'Zëmmere leeë kann. Op där enger Säit sinn do d'Zëmmere méi kleng, mä d'Gäng musse méi grouss sinn an d'Raimlechkeete ronderëm mussen och méi grouss sinn. Dat sinn alles Saachen, déi och selbstverständlech déi Leit, déi an eise Servicer schaffen, och an d'Ausland sech ukucke ginn, a wou och dee Projet, no deem den Här Wohlfart gefrot hat, justement zu Ettelbréck, mer do op wierklech nei Weeër ginn, an zwar wou véier verschidden Unitéite rakommen, mat véier verschidde Modeller, déi no baussen op sinn. Dat heescht, wou och Leit rakomme kënnen, zum Beispill och do zum Mëttegiesse kommen,

déi näischt domat ze dinn hunn. Dofir ass et natierlech och wichteg, datt d'Centre-intégrées awer iergendwou am Zentrum leien, fir datt och déi aner Leit dovunner profitéiere kënnen. Dir gesitt also, datt mer op ville Pläng, deene Wënsch, déi hei geäussert goufen, scho méi laang am Gaange sinn nozekommen.

Dat wat eis awer feelt sinn eng Partie vun Zwëschestrukturen. Mir gesinn zum Beispill datt et heiansdo schwierig ass fir fir een, deen aus der Klinik kënnt, direkt een Zëmmer ze hunn an engem Alters- oder Fleegeheim oder engem Centre intégré. Déi Leit kënnen dacks gären a gutt rëm heem kommen, wann eng Partie vun hinnen erëm an enger Struktur gewiescht wär, déi keng Klinik ass, mä wou eng Revalidatioun mat hinne gemaach gi wär, wéi dat zum Beispill elo zu Stengefort gemaach gëtt. Op där anerer Säit kënnt ee sech och eng Revalidatioun virstellen, zum Beispill duerch den Training vum Gedächtnis oder vun engem senger Bloss.

Et gëtt also do nach viles wat ze maachen ass, ech denken och zum Beispill un ee Foyer de nuit. Mir hu lo eng Partie vu Foyer-de-jour-spécialiséen, mä mir hunn zum Beispill nach néirens ee Foyer de nuit. Mir wëssen awer och, datt d'Leit, besonnesch och déi, déi dément sinn, ganz dacks nuets ënnerwee sinn an hyperaktiv sinn an eigentlech am Dag vun hire Famillje gutt versuergt kéinte ginn. D'Schwierigkeet ass, datt een dofir och nees vill Personal bräicht, an datt een och gesi muss, ob dee Service dann och an Usproch geholl gi géif.

Mir hunn ee Mangel u Vakanzebetter. Ech kann awer kengem Träger roden, baut sou a sou vill Zëmmeren, déi Der eidel stoe loosst fir Vakanzebetter, well da keen deenen dofir eppes bezuelt, an där Zäit, wou se net besat sinn. Dat muss ee jo awer och bedenke bei all deene Froen.

Bei de Logements pour personnes âgées, fréier Logements encadrés, warnen ech. Et muss een oppassen, dass een net ugeschmiert gëtt. An d'Gemege komme jo oft esou geschäftsdichteg Leit, déi engem soen, et wär awer gutt, wa mer bei lech kënnten esou Logements encadrés maachen, an da kréien d'Gemengen dat esou verkaaft. Dann heescht et weider, et ass ëmmer eng Infirmière present, awer mat enger Infirmière eleng, dat geet net duer, déi schafft aacht Stonnen am Dag, déi ass net 24 Stonnen op 24 do. Dat alles ass ganz komplizéiert. Et muss altengerecht gebaut, handicapéiertegerecht gebaut ginn, dass een och mat engem Rollstull kann do fueren.

Mir hu méttlerweil déi Servicer vun Aide à Soins à domicile déi komme kënnen an déi dann och sou wäit wéi dat néideg ass déi Aufgaben iwwerhuele kënnen. Wann dat dann dono net méi geet, da mussen déi Leit an een anert Haus kommen. Ech denken datt et wichteg ass, datt een de Leit seet, dat hei ass lo keen Alters- a kee Fleegeheim, dat hei ass eben eng Iwwergangsstatioun déi och sënnavoll ass a wou eng ganz Partie vun eelere Leit dat och gären hunn, well se och net méi alleng an hire groussen Haiser

bleiwe wëllen, well se och déi Aarbechten do ronderëm net méi gemaach kréien. Op där anerer Säit géif dat vläicht och eng gewëssen Erliichterung um Marché du logement selwer schafen.

Et ass hei vum Transport commun geschwat ginn. Mme Wagener, och do stinn an deene meeschten Alters- a Fleegeheimer souwéi Centre-intégrée Minibussen zu de Leit hirer Verfügung. Ech denken, dass dat och sënnavoll ass, well och do eng ganz Partie vu Leit jo net méi sou valid sinn, fir 150 m ze goe fir bei déi öffentlech Bushaltestell zu Diddeleng ze kommen. Och do ass also rëm versicht ginn, de Leit eppes ze bidden.

Mir wäerten an nächster Zäit eng Kéier heihinner kommen an e Projet déposieren iwwert den Accueil gérontologique, wou mir iwwert déi do Punkten alleguer méi an den Detail wäerten agoen. Mir konnte bis elo als Stat maximum 75.000 Frang de Mount bei de Pensiounspräis bäileeën.

Ech denken, dass an deene leschte Joren a kengem Beräich esou vill gemaach an esou vill investéiert gouf, wéi an alles wat den drëtten an de véierten Alter ubelaangt, mä dass ech awer leider och dacks mierken, dass vill Leit net wëssen, wat iwwerhaapt do alles besteet.

De Georges Wohlfart huet mech gefrot, wéi et mat dem Projet vun Dikrech ass. Mir sinn am Gaang drun ze schaffen. Ech denken, dass an absehbarer Zäit déi Konventioun kann ënnerschriwwen ginn, fir och deen Émbau ze maachen, fir dass mer dat Haus zur Verfügung kënne kréien.

Ettelbréck ass wäit fortgeschratt an ech hoffen, dass dat endlech eppes gëtt, well och do huet et laang genuch geschleeft, quitte dass et eng nei Orientéierung kritt huet. Ech denken awer, dass et wichteg ass, dass een net nëmmen op deenen ale Pied virugeet, mä dass een déi nei Wëssenschaften, déi do komm sinn, och notzt.

Beim Repas sur roues ass et klor. Op deene Plazen, wou de Repas sur roues gutt ass, si vill Leit, déi dervu profitieren. Dat mierkt ee ganz gutt. Do wou et de Leit manner gutt schmaacht, huele se dee Service net méi an Usproch. Ob dat besser ass, ass eng aner Fro.

Eng Fro, déi ëmmer erëmkënnt, ass déi vun de Kichen. Soll een op déi Plazen alleguer eng Kichen ariichten. Och d'Kichen hunn e Präis, esougutt bei der Installatioun, wéi herno bei der Exploitatioun. Ech denken awer, dass ee misst an Zukunft méi op de Wee goe vu Kichen an den eenzelnen Haiser, wéi dat an engem gewëssene Moment de Fall war.

Den Här Calmes huet hei geschwat vu Wolz, vun der Prioritéit vun de Better déi d'Wëlzer Gemeng hätt. Mir kucke selbstverständlech, dass, wa Leit aus der Géigend sinn, een déi dora setzt, mä et ass awer net wéi an deene Gemengen, wou d'Gemengen 20% bezuelen. Esou kann ee jo den Handel net maachen, dass déi

Gemengen da kee Virdeel hätten. Wann een eppes muss bezuelen, da muss en och eppes dervun hunn, well soss géing jo keen dat matmaachen.

Wann dat esou an der Zeitung stong, dann hunn ech dat verpasst. Et ass awer och net meng Gewunnecht fir op Leserbréiwer oder op de Bericht vun dem Gemengerot anzewierken. Ech wëll betounen, dass d'Gemeng Wolz den Terrain zur Verfügung gestallt huet. Et ass net, wéi wa se näischt gemaach hätt, an dofir entsprechend dem Präis, eng Prioritéit hunn.

Da wor nach d'Fro mat dem Haus op der Giewelsmillen. Dat ass eng Fro vun ekonomesche Verhältnissen. Et ass klor, dass vill Leit mengen, dass ee kënnt mat dem drëtten a véierten Alter vill Sue verdingen. Wann een awer Agrémenten huet, wéi mir der hunn, wou och d'Personal muss agestallt ginn, da mierkt Der ganz séier, dass esougutt wat d'Infrastrukturen ubelaangt, ganz grouss Belaaschtungen op déi Träger zoukommen, wéi och duerch d'Personal. Déi Leit hunn dat eng Kéier ausgerechent a sinn zu der Konklusioun kouw, dass dat net géing goen. Mir konnten awer och net soen, Dir kënnt virufueren, egal ënnert wat fir enge Konditiounen, well ech wëll net de Kapp duerhalen, wann eng Kéier an engem Haus ee géing verbrennen, well d'Sécherheetsmoossnamen net agehale gi wäeren. Dat huet derzou gefouert, dass déi Leit hu missen ophalen.

Den Etablissement public huet sech engagéiert, fir déi 25 Leit, déi an deem Haus waren, an Haiser eranzehuelen, déi dem Etablissement public seng sinn, wat natierlech derzou féiert, dass wahrscheinlech aner Persounen musse waarde bis se un den Tour kommen. Et muss och nach gesot ginn, dass dat zu engem Deel Noutléisunge sinn an net jiddfereen direkt en Zëmmer fir sech eleng kritt, mä dass d'Leit, déi betraff sinn, an hir Familljen awer d'Garantie hunn, dass se uerdentlech ënnerdaach sinn.

Merci, Här President.

M. le Président.- D'Diskussioun vum Projet ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4869.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4869 ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M.

Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling (par M. Marco Schroell), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Emile Calmes), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Marc Zanussi), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4876. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes.

5. Projet de loi 4876 relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un centre écologique et touristique dans l'intérêt de l'aménagement du Parc de Hosingen (Phase 2)

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nico Loes (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Geschicht vum Housener Park léisst sech bis an d'80er Joren zrëckverfollegen.

(Interruption)

Här Rippinger, Dir kënnt lech berouegen, ech maachen net méi esou den Detail vum dem Historik, well ech hat gesinn, dass Dir schonn déi leschte Kéier hei um Stull gefréckelt hat an dofir maachen ech et elo e bësse méi kuerz.

1985 hat de Stat den Terrain vum fréieren Housener Park fir eng Zomm vu 70 Milliounen Frang opkaaft. E Grupp

vu Fonctionnaires hat sech doropshi Gedanken gemaach iwwert déi zukünfteg Ausrichtung vum Housener Park.

An dëser Bestandsopnam si véier grouss Voleten zrëckbehale ginn. Et sollt e Centre écologique, sportif, touristique an d'Activités pour jeunes am Areal vum Housener Wëldpark entstoën. An enger Réunioun vum 7. Oktober 1987 waren deemno folgend Beräicher fir den neien Zentrum a Betruecht gezu ginn:

- Den Tourismus mat engem regionalen, nationalen an internationale Centre d'accueil touristique.

- Kultur an Ekologie mat Animatioun a Formatioun am Kader vun enger Maison de l'Oesling.

- D'Jugend mat engem Jugendzentrum fir den Norden.

- De Sport mat engem Sportszentrum fir déi lokal a regional Bedürfnisser vum SYSPOLO, dee Gemengesyndikat an deem d'Gemenge Pëtscht, Konstern, Houschent an Housen zesummegegloss sinn. Dëse Sportszentrum soll och en nationale Charakter kréien.

Duerch d'Gesetz vum 13. Juli 1989 ass dunn den Etablissement public "Parc Hosingen" entstanen.

An de Gesetzesprojet 3611 sinn lwwerleeungen aus dem ministeriellen Aarbechtsgrupp gréisstendeels mat agefloss, ausser dass déi zwou Sportshalen duerch eng eenzeg multifunktionell Hal ersat gi sinn. Am Hotelsdeel gouf d'Zuel vun den Zëmmeren erofgesat an op den Aussichtsturm gouf verzicht, woumat eng net onwesentlech Zomm konnt agespuert ginn. D'Gesamtzomm vum Projet huet sech deemools op 680 Milliounen Frang belaf.

Ier ech op de Gesetzesprojet 4876 iwwert déi budgetär Adaptatioun vum de Bauaarbechten am Housener Park wëll agoen, wollt ech op e Sachverhalt hiweisen, mat deem d'Bautekommissioun an och d'Chamber schonn en entlech Kéiere befaasst gi sinn. Et geet ëm déi budgetär Dépassementer bei Bauprojekten. Et gëtt dräi Ursaachen, firwat et zu esou zousätzleche Käschten ka kommen.

Déi éischt Ursaach betrëfft eng Sous-évaluatioun vun de Konstruktionskäschten. D'Auteurs, dat heescht de Bauministère an d'Bauverwaltung, si meeschtens drëm beméit, dës Käschten op engem déiweilen Niveau ze halen. Et stellt sech dann awer en cours de route eraus, dass net genuch finanziell Moyene virgesi sinn an dass d'Acteurs, déi um Bau vum Projet bedeelegt sinn, d'Approche, fir spuersam ze sinn, oft net deelen.

Als zweet Ursaach sinn déi technologesch Entwécklungen unzeféieren, déi selbstverständlech während de Bauaarbechten un engem Projet hire Laf huelen. Esou kann et zu där enger oder anerer Émänerung kommen, well de Bauplang deenen techneschen Entwécklungen Rechnung dréit. Dobäi kommen dann och Sécherheetsbestëmungen, déi oftmoools ganz nei Systemer verlaangen a wou de Käschtepunkt dann och an d'Luucht geet.